adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 4. Oktober 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister, den Här Bausseminister, den Här Minister fir den ëffentlechen Déngscht, den Här Verdeedegungsminister an den Här Minister fir déi bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

Vu datt d'Lëtzebuerger Justizwiese mat gréissere Rekrutementsproblemer konfrontéiert ass, huet d'Madamm Justizminister rezent annoncéiert, e Gesetzesprojet auszeschaffen, fir kënne méi Justizreferendairen anzestellen. Nei ass hei virun allem, datt d'Lëtzebuerger Nationalitéit net méi gefrot ass, fir déi genannte Posten ze besetzen. Et wier deemno esou, datt d'Kandidate just nach déi dräi administrativ Sprooche beherrsche mussen. Dëst ass virun allem dowéinst problematesch, well d'Justiz jo als eng *fonction régalienne* vum Staat consideréiert gëtt, also als eng hoheitsrechtlech Funktioun där hir Ausübung normalerweis Leit virbehalen ass, déi déi Lëtzebuerger Nationalitéit hunn. Sollten net genuch Kandidate fonnt ginn, déi déi dräi administrativ Sprooche beherrschen, sou gesäit d'Regierung souguer fir, Kandidaten unzehuelen, déi dës elementar Sproochekonditioun net erfëllen.

An deem Kontext hätte mir folgend Froen un d'Madamm Minister:

1. Wéi eng Instanz kontrolléiert, datt d'Kandidate fir d'Funktioun vum Justizreferendaire och effektiv déi dräi administrativ Sproochen op héijem Niveau beherrschen? Wéi eng Sproochenniveaue sinn iwwerhaapt, opgeschlësselt no deenen dräi offizielle Sproochen, gefrot?
2. Gouf déi uewe beschriwwen Decisioun iwwerhaapt mat den zoustännege Justizinstanzen an de representative Gewerkschaften aus dem ëffentlechen Déngscht am Virfeld diskutéiert? Wa jo, wéi war hei d'Reaktioun?
3. Ass et an den Ae vun der Madamm Justizminister net problematesch, datt ee Justizreferendaire net méi brauch Lëtzebuerger ze sinn, vu datt et sech jo hei ëm eng *fonction régalienne* handelt?

4. Kann dëst e Präzedenzfall fir aner Beräicher sinn, zum Beispill fir d'Diplomatie oder d'Force Publique (Arméi a Police)?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

Roy Reding
Deputéierten